# GEMENG WOOLTZ – SCHÄFFEROTSERKLÄRUNG 2026 – 2029 (LSAP–DP):

**Programm fir Stabilitéit, Liewensqualitéit an nohalteg Entwécklung**



D'Gemeng Wooltz huet an de kommende Joren e puer grouss Entscheedungen ze treffen – als Gemeng, déi wiisst, als ee regionalen Zentrum an als eng Plaz fir Familljen, Kanner a Jonker, eeler Leit, Veräiner a Betriber. No enger Phas vu politescher Instabilitéit schléissen d'LSAP an d'DP sech zesummen, fir Rou, Zouverlässegkeet an eng kloer Richtung an d'lokal Politik zeréckzebréngen.

Mat dem Koalitiounsaccord fir d'Joren 2026 bis 2029 gi mir dem Schäfferot ee verbindleche Kader fir seng Aarbecht. Mir handelen transparent, fachlech fundéiert an am Aklang mat de laangfristege Leitlinne vum CAP2035.

Eis Handlungsmaxime ass: **nolauschteren – zesummen entscheeden – ëmsetzen.**

Mir sti fir eng Politik, déi nolauschtert, Entscheedungen akkurat begrënnt, se zesumme mam Gemengerot hëlt an duerno gezielt a konsequent ëmsetzt.

## 1) Gutt Gemengeféierung: modern Administratioun, kloer Entscheedungen

Mir moderniséieren d'Gemengeverwaltung schrëttweis, fir den aktuellen Ufuerderunge gerecht ze ginn. Een Audit wäert d'Finanzpolitik an d'intern Prozesser iwwerpréiwen a spezifesch Beräicher fir d'Optimiséierung identifizéieren. Gläichzäiteg gräift d'Gemeng op extern Experten zréck, fir d'Ëmsetzung vun der Cybersécherheet an der digitaler Zougänglechkeet professionell ze garantéieren.

Mir stäerken digital an effizient Prozesser a suergen dofir, datt d'Awunner e méi einfachen a séieren Zougang zu Informatiounen a Servicer hunn. Wou et sënnvoll ass, gi pabeierbaséiert Informatiouns- a Kommunikatiounsweeër duerch digital Léisungen ersat – als Bäitrag zu enger nohalteger a moderner Verwaltung.

## 2) Kanner, Jonker a Familljen: Betreiung garantéieren, Sécherheet erhéijen

D'Zukunft vu Wooltz fänkt mat senge jéngste Bewunner un. Mir féieren eng ëmfaassend Iwwerpréiwung vun alle Kannerbetreiungsplazen duerch, fir all Kand eng Plaz ubidden ze kënnen an Engpäss fréizäiteg ze identifizéieren.

- Déi nei Crèche am Kader vu «Wunne mat der Wooltz» stäerkt d'Offer.
- D'Haffcrèche zu Knapphouschent geet 2026 op.
- D'Jugendhaus gëtt zu engem modernen Treff- an Entwécklungspunkt weiderentwéckelt. Zousätzlech soll Wooltz e regionale Kompetenzzenter fir Jugendaarbecht ginn – professionell, inklusiv an zäitgeméiss.
- Eng Standuertanalys ënnersicht d'Perspektive fir eng méiglech nei Schoul.
- Mat «Jugendwunnen» schafe mir bezuelbar Perspektive fir jonk Erwuessener zu Wooltz.
- E modernt Spillraumkonzept gëtt entwéckelt.



## 3) Drëtten Alter:
## aktiv, selbstbestëmmt, gutt begleet

Mir stäerken d'drëtt Altersphas als eng aktiv Liewensphas. De Fokus läit op sozialer Interaktioun, kierperlecher Betätegung a Participatioun – souwéi op der Präventioun vun Einsamkeet. De Bäitrëtt an de Club Uewersauer soll den intergenerationellen an interkulturellen Austausch fërderen an den Zougang zu Kultur-, Fräizäit- a Gesondheetsofferen erliichteren.

## 4) Wunnen a Stadentwécklung:
## Qualitéit a Gläichgewiicht

Wooltz ass am wuessen – an dëse Wuesstem brauch eng kloer Richtung. Mir entwéckele grouss Projete wéi «Wunne mat der Wooltz», «Haargarten» an «Op Heidert» zesumme mat de relevanten Acteuren an am Aklang mat verbindlechen, städtebaulesche Richtlinnen: sozial ausgeglach a verantwortungsbewosst.

Gläichzäiteg stäerke mir d'besteeënd Quartieren a leeën e kloren Fokus op d'Moderniséierung vun der Uewerstad als attraktiv Plaz fir ze wunnen, anzekafen a sech ze treffen.

## 5) Gesondheetsversuergung ausbauen

D'medezinescht Zentrum Schlasskéier ass e Schlësselprojet fir dës Mandatsperiod. Mir engagéieren eis, seng Ëmsetzung wesentlech ze beschleunegen a Wooltz nohalteg als zouverlässegen, regionale Gesondheetsstanduert ze stäerken – mat kuerzen Distanzen, attraktive Konditioune fir medezinescht Personal an engem Déngschtleeschtungsspektrum, dat de Besoine vun der Bevëlkerung entsprécht.

Zousätzlech gi Gemengegebaier, déi no enger Renovatioun fräi ginn, fir medezinesch Praxen oder gesondheetsno Servicer zur Verfügung gestallt. Dëst schaaft zousätzlech Kapazitéit, erméiglecht nei Néierloossungen a verbessert d'lokal Gesondheetsversuergung, besonnesch an der Uewerstad.

## 6) Wirtschaft & Aarbecht:
## Aarbechtsplazen, Kreeslafwirtschaft, nei Aarbechtsformen

Mir entwéckele weiderhin Aktivitéitszone gezielt, fir Entreprisen attraktiv Konditiounen ze bidden, Investitiounen ze erliichteren an nei Aarbechtsplazen ze schafen.

E besonnesche Fokus bleift weiderhin op Projeten an der Kreeslafwirtschaft, déi Wooltz als innovativ an zukunftsorientéiert Modellregioun stäerken. Zousätzlech préiwe mir d'Ariichtung vu moderne Co-Working-Plaze fir Betriber an de Secteur Public, fir zäitgeméiss lokal Aarbechtsformen z'erméiglechen.

## 7) Kultur, Sport a Fräizäit:
## Veräiner ënnerstëtzen, Fräizäitzenter «Kaul» ëmsetzen, «Reenert» als Kulturzentrum

Eis Veräiner verdéngen net nëmmen Unerkennung, mee och konkret Ënnerstëtzung. Mir stäerken den Austausch, d'Organisatioun an d'Begleedung. Zesumme mat enger Nopeschgemeng gëtt e Sportkoordinator als zentrale Kontaktpunkt agesat.

Eng Haaptprioritéit ass déi séier Realisatioun vum Fräizäitzenter «Kaul». D'Zil vum Projet ass et, d'Schoulschwammen, d'Clubliewen, d'Fräizäitaktivitéiten an d'touristesch Attraktivitéit wesentlech ze stäerken, an dobäi eng ganzjäerlech flexibel Notzung ze erméiglechen. D'Konzept vun engem inklusiven Hotel gëtt mam Fräizäitzenter «Kaul» koordinéiert, sou datt de Projet duerno lancéiert ka ginn.

Zousätzlech bréngt d'LASEP-Sektioun zu Wooltz, zesumme mat Aktiv Wooltz an de lokale Veräiner, nei Impulser fir d'Fërderung vu sportlechen Aktivitéiten an d'sozial Participatioun vun de Kanner. Dës Zesummenaarbecht schaaft zousätzlech Méiglechkeete fir all Kanner, stäerkt d'Beweegungsoffer an erweidert d'Méiglechkeeten, Jonker fréi a laangfristeg fir Sport an d'Gemeinschaft ze begeeschteren.

De Festsall Reenert wäert ee vun de wichtegste Projete fir Wooltz an de kommende Jore sinn: eng Plaz fir Kultur, Musek, Theater a Evenementer, déi Begéinungen erméiglecht an d'gemeinschaftlecht Liewen an der Gemeng stäerkt. Dës historesch Plaz mat hiren national geschützten, historesche Fënstere gëtt net nëmmen erhalen, mee och zu engem zäitgenëssesche Manifestatiounslokal entwéckelt. Op Basis vun enger Etude gëtt de Sall renovéiert, fir en theater- a concertsgerecht unzepassen – equipéiert mat moderner Technologie, verbesserter Funktionalitéit a flexibelen Notzungsméiglechkeete fir Concerten, Theater,

lokalen Initiativen a Gemengeveranstaltungen. Zousätzlech gëtt eng méiglech Annexe an Ëmgestaltung vun der Reenert-Schoul ënnersicht, fir de Projet als e kohärent Ganzt ze realiséieren – am Aklang mat enger wuessender Stad an engem kulturelle Liewen, dat nohalteg gestäerkt gëtt.

## 8) Mobilitéit: de Parkdrock reduzéieren, Parken iwwer eng App erliichteren

Mir engagéieren eis fir eng Mobilitéit, déi am Alldag funktionéiert. D'Parkproblematik gëtt gezielt an Ugrëff geholl – duerch eng besser Gestioun mat digitale Parkleitsystemer. Parkauere ginn digitaliséiert, sou datt een an Zukunft och einfach iwwer eng App ka bezuelen. Dëst vereinfacht d'Notzung fir Visiteuren, reduzéiert de Verkéier op der Sich no Parkplazen an erhéicht d'Attraktivitéit vum Stadzentrum. Zousätzlech moderniséiere mir d'Busarrêten.

## 9) Natur, Klima & Ressourcen: konsequent, pragmatesch, effektiv

Mir verfollegen eng konsequent Klima- an Ëmweltpolitik, déi op dem nationale Klimapakt an de lokale Strategië baséiert. Zukünfteg Projete ginn ënner Berücksichtegung vun Nohaltegkeets- a Ressourcekritäre geplangt, fir den ökologesche Foussofdrock vun der Gemeng op laang Siicht ze reduzéieren. En temporäre Ressourcenzenter (Recyclingszenter) ass a Virbereedung; gläichzäiteg ginn d'Pläng fir ee permanente Ressourcenzenter weidergefouert.

## Schlusswuert

An den nächste véier Joer brauch Wooltz eng Politik, déi stabil féiert, kloer Prioritéite setzt a siichtbar Resultater liwwert. Den LSAP–DP-Schäfferot steet fir Zouverlässegkeet, Dialog an effektiv Ëmsetzungsstäerkt, sou datt Wooltz weiderhin als eng liewenswäert, modern a solidaresch Gemeng wuesse kann.

Well d'Zukunft vun der Gemeng Wooltz gestalte mir am beschten zesummen – am oppenen Dialog mam ganze Gemengerot, ouni Ausgrenzung, mat transparenter Politik, gräifbarem Engagement an engem klore Bléck no vir.

**Schäfferot vun der Gemeng Wooltz**
**LSAP–DP**

